

Photos: Guy Hoffmann

De Jang, den Heng, d'Äuslänner an iwwerhaapt ganz Europa

Um Virowend vun dësem National-Feierdag sëtzen de Jang an den Heng am ënneschte Park op enger Bänk. An der Stad as schon der Däiwel lass, mä hei as et roueg. Iirgendanzwousch an der Kroun vun där Lann, ënnert där se sëtzen, schléit e Poufank. Mä nëmmen den Heng héiert en. Dat geet awer duer, fir datt déi zwéi Pensionären, déi bis lo just de jonke Meedercher an de Madämmercher um Parkwee nogekuckt hun, an en déifsënnegt Gespréich kommen.

„Hues d'et och well héieren, Heng?"

„Ma sécher, Jang!"

De Jang dréit lues de Kapp. „Du weess dach guer nët, wat ech mengen!"

„Neen, mä ech héiere besser, wéi s du. A wann s du eppes héieren hues, dann hun ech et bestëmmt schon héieren."

„Wat?"

„Ma dat vum Hamster, Jang!"

De Jang as erliichtert. „A, dat vun Amsterdam! 't as jo dat wat ech mengen, Heng! Da stëmmt et also, datt lo Jänni a Männi hei rakënnt."

„Da's eigentlech gutt. 't as gutt, wann eng Grëtz frëscht Blutt hei rakënnt. 't gin nach Dierfer dorëmmer, wou d'Maansleit all 47 am Schong hun, an d'Fraleit 42."

„Jaja", philosophéiert de Jang an engem Gedankespronk, deen den Heng dem Jang guer nët zougetraut hätt. „Mir bräuchen d'Äuslänner ëmmer méi, fir Kanner ze maachen."

„Fir Lëtzebuerger ze maachen, Jang!"

„Maja! Hun ech nach ëmmer gesot: Lëtzebuerg de Lëtzebuerger! Ob schwaarz oder brong, ob mat Krauselen oder Schlitzaen; Haaptsaach as, se hun de Roude Léiw am Pass."

„Do hues d'allerdéngs recht; ob se Bartolomeo, Battibugli oder Girardelli heeschen."

„Battibugli? Wien as dat dann?"

„Eis zoukënfteg Schnauer, Jang, ob s d'et gleefs oder nët."

„Ärem Batty séng Freiesch?"

„Neen, eisem Jos séng Moss."

„Wou huet deen dat dann opgelammelt?

Den Heng muss selwer laachen. „Um Geriicht, Jang! Eise Jos war wéinst enger Kläpperei ugeklot. An hatt war Affekot."

„Affekot?" De Jang as platt. „Verstinn se sech da gutt?"

„'t hat um Geriicht sou gutt plädéiert, datt eise Jos faszinéiert war. Spéider huet en réischt an uecht geholl, dat et géint hie plädéiert hat."

„Wéi?"

Heinsdo vergësst den Heng, datt de Jang Problemer mat séngem Hörapparat huet. Dofir schwätzt hie lo eppes méi haart. „D'Lëtzebuerger hun nach ni eppes verstanen, wann se geklaakt goufen! Da's de Lëtzebuerger Justiz-Modell! D'Justitia huet d'Ae verbonnen a schwätzt franséisch, an d'Lëtzebuerger schwätzen dräi Sproochen a verstinn näischt um Geriicht. – Dach, se verstinn sech gutt."

„Dach, ech verstinn dech gutt!", verséchert de Jang him. "Ech héieren nach op engem Ouer."

Den Heng gët sech geschloen. „'t geet och duer, Jang! Vergiess et!"

't bleift e gudde Strapp roueg. Och de Poufank hält de Bak, well vun der Stad hier héiert ee lo Marschmusek. Da mengt de Jang, dat géing jo lo nees un, mam Kulturjoer, mä den Heng mengt, hie géif do eppes mat der Présidence duurchernee geheien. Well wéinst där wir jo muer op den Nationalfeierdag schon e feierlechen Akt am Theater.

„Wiem séng Iddi war dat dann?", knoutert de Jang. „Wat gët dann nees ageweit?"

„Näischt, Jang. Mä de Santer schwätzt; dee kënnt extra vu Bréissel."

„Deen huet dach näischt mei hei ze soen!

„Eeben! 't soll souguer en Amerikaner kommen, wéinst de Banken; e gewëssenen Dau Djoons oder sou."

De Jang kuckt op den Heng, wéi wann deen him eng déck gekréckelt hätt. „Mengs de dee kéim wiirklech? De Wampachs Jang sot gëschter nach, dee wir béis gefall."

„Dat ka jo virkommen", tréischt den Heng. „Jiddefalls de Lafontaine kënnt och."

„Deen as dach schon laang dout!"

„A wouhier! Dee wëllt dach lo Kanzler gin! Wou bas du drun an de Bounen?"

„Nu hal awer op! Den Dicks?"

Den Heng muss haart laachen; 't héiert een en duurch de ganzen ënneschte Park. „Dach nët den Dicks, Jang! Dee Saarbrécker! Am Kader vu Saar-Lor-Lux! Domat maachen s'am Ableck dach zimlech vill Wand, Jang! Lies de keng Zeitungen?"

„Just d'Luxpost."

„O, déi heescht och geschwënn „Saar-Lor-Luxpost", gleef mer es. Lo wou d'Grenzen op sin, hun déi liicht Spill!

Do as de Jang méi am Bild. „Spiel ohne Grenzen", dat hun ech schon héiren, do waren d'Preisen nach ëmmer gutt; '14 a '40. Mä da's gutt, da fuere mir lo bei si Kaffi an Zigrette kafen."

„A wouhier! 't bleift bei äis nach ëmmer am bëllegsten!"

„Verstinn ech nët. Mir kréien dach lo iwwerall eng an déiselwecht Zort Suen, son se!"

Den Heng grinst iwwert d'ganz Gesiicht. „Jo sécher! Mä mir hun der ëmmer e bëssche méi wéi déi aner! Do gin et Klauselen, mäi Jong!"

„Méi Cuen?

„Ecu!"

„Du sos méi!"

„Gëf der keng Méi, Jang! Iwregens heeschen déi nët méi Ecu, mä Euro!"

„Euro-Cu? 't as mer och egal; ech hun e puer Frang op der Säit, an ech halen déi! Wat läit mir un där ganzer Politik!"

Den Heng stëppelt Päif an Tubak äus der Paltongstäsch. 't dauert e gudde Strapp, bis en de Kluef um Brennen huet. „Ech fäerte just, mir musse méi mat deenen aneren deelen, wei bis lo."

„Gleef du déi awer nët!" Déi Kéier huet de Jang den Heng genee verstanen. „'t weess keen, wou ech méng Konten hun!"

„Déi Bréisseler son der et schons!"

„Wie mengs de domat?"

„Maja! Maastricht, Amsterdam an sou weider! Lies de keng Zeitungen?"

„Just d'Luxpost. Maastricht? Amsterdam? Ech hu gemengt, dat léich an Holland!"

"Maja! Dat muss eppes mat der Benelux ze don hun. Déi wäerten äis schon e Liddche sangen!"

De Jang denkt no. „Benelux! Als Kiirchesänger kréien ech déi aner Woch de «Bene merenti»; 40 Joer um Dill, mäi léiwen Heng!"

„Um Ducksall, Jang; um Ducksall!"

't léisst dem Jang keng Rou. „So, Heng! Maastricht, Amsterdam oder Bréissel, hin oder hier, hu mir dann duerno guer näischt méi ze bestëmmen?"

„Dat kënnt stëmmen."

„Firwat gi mer dann iwwerhaapt nach stëmmen?"

„Déng Stëmm behält ëmmer hire Wäert, Jang. Um Ducksall."

De Jang as Sänger mat Läif a Séil; scho véierzeg Joer wéi gesot; an der Paterekiirch! „Majo, dann hale mer en alt do de Bass."

Den Heng weess méi. „Ech fäerte just, datt d'Preisen um Enn dirigéieren, Jang."

„Looss se nëmmen! Mir sangen nach ëmmer, wéi mir wëllen. Se si jo haut nach rosen, datt mir mat guddem Gewësse Judd mat Säubounen iessen duerfen, an si nët."

„Komm, haut bas d'Europäer, Jang, a cultivéiert."

„O.k., mä kee Cu!"

Den Heng hëlt hie mam Aarm: „Ecu!"

„Du soos lo just Euro-Cu! Gëf lo nët gemeng, Heng!

Gemeng! Da's e Stéchwuert fir den Heng, deen zäitliewens op der Gemeng geschafft huet. „Ech? An de Gemenge gin se gemeng, Jang! '99 kanns de se stëmmen, d'Pereiraen an d'Figueiraen."

„'t as schon en Aarmutt, Heng! Kanns du der e Jesus Maria de Lourdes virstellen, als Kandidat géint d'Polferlydie?"

„D'Fielsleit sécher!"

„Wien?", freet de Jang erféiert.

„D'Leit aus der Fiels!", rifft den Heng.

„Kee Cu fir sou eppes! 't muss alles séng Grenzen hun!"

Den Heng steet op. „Du sees et. Mä so och de Fransousen dat! Gëschter hun se zu Kettenuewen nees déi véiert Tranche vun hirem Saar-Lor-Lux-Lotto ulafe gelooss. Da's och Europa a «Kultur ohne Grenzen»."

„A mat méi Chancen wéi am russesche Roulette", hieft de Jang sech och a stäipt sech op de Bengel. „Am russesche Roulette hues d'nëmmen eng Chance op sechs. Mat Kettenuewen hu mer eng op véier."

„Komm", seet den Heng, „an enger Stonn geet de Fakelzuch un, an ënnerwee verzielen ech der d'Geschicht vum Hamster."

„Fänk nët rëm domat un!", seet de Jang, „lo maache mer mol eppes fir eis «Kultur ohne Grenzen»; lo gi mer op de Fëschmaart bei de Costafiore en internationale Mätsch kucken?"

„Wie spillt dann?"

„Bayern-München géint Léck. Déi Kéier kréien déi belsch Frittemättien vun de Preisen nees sou richteg den Aasch opgerappt. Ei!"

josy braun